

Lëtzebuerg, den 16. Januar 2023

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG

Här President,


Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bidden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

*„D'Buslinn 170 vun Huldang op Ettelbréck fiert duerch d'Aktivitéitszon ZANO um Fridhaff, ouni dass se awer de Moment do stoe bleift. Dëst féiert dozou, dass déi Leit, déi do schaffen, op der Ettelbrécker Gare d'Linn 117 huele musse fir rëm zrëck an d'Aktivitéitszon ZANO, wat net just ëmständlech fir déi betrafte Leit ass, mee och zousätzlech Zäit kascht.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:*

- Firwat gëtt et de Moment nach keen Arrêt fir den 170 an der ZANO-Fridhaff?*
- Ass et méiglech fir sou séier wéi méiglech en Arrêt fir d'Buslinn 170 an der ZANO virzegesinn fir esou de berufstätege Leit entgéint ze kommen?“*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER  
Deputéierten



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu